N°6476
Entrée le 10.08.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Ufro n°6476 vum 13. Juli 2022 vun dem honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwert Bitcoinautomaten

Den honorabelen Deputéierten bezitt sech an senger parlamentarescher Ufro op een däitschen Artikel aus dem Internet iwwert Bitcoinautomaten a Bayern, an freet op där Basis op Kryptowärungsautomaten och zu Lëtzebuerg kéinten installéiert an agesat ginn.

Entitéiten déi op der Lëtzebuerger Finanzplaz potenzielle Clienten den Handel mat Bitcoin an aneren digitale Wärungen erméiglechen oder den Ëmtausch tëscht Kryptowärungen a regulären Wärungen (Fiat-Wärung) erlaben, mussen sech bei der Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF) als Prestataire de services d'actifs virtuels (*PSAV*) enregistréieren an ënnerleien dem ofgeännerten Gesetz vum 12. November 2004 géint Geldwäsch an géint d 'Finanzéierung vum Terrorismus. Den Ëmtausch tëscht Kryptowärungen a Fiat-Wärungen, wéi dem Euro z.B., ënnerläit zudeem den gesetzlechen Virschréften aus dem ofgeännerten Gesetz vum 10. November 2009 iwwer Bezueldéngschtleeschtungen.

Et ass an dësem Kontext nach drop hinzeweisen, dass d'Europäesch Unioun sech mam MiCA-Reglement (*Markets in Crypto-Assets*) zukünfteg een kompletten Gesetzeskader gëtt deen eenheetlechen Reegelen an der Europäesch Unioun fir Déngschtleeschter am Beräich vun Krypto-Aktiven virgesäit.

Den Finanzministère huet keng Informatiounen doriwwer, op Banken oder aner reguléiert Entitéiten zu dësem Zäitpunkt a Betruecht zéien zu Lëtzebuerg esou Automaten opzestellen oder dat prinzipiell ausschléissen.

Lëtzebuerg, den 9. August 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes